

# Annex IV – Autorisatioun vun den Elteren

Dëst Dokument muss, entweder zesummen oder eenzel, vun all deene Persounen ausgefëllt an ënnerschriwwe ginn, déi een Elterendeel oder ee/eng gesetzlech\*e Verrieder\* in vum/vun der Kandidat\*in fir de Concours „Astronaut\*in fir een Dag – Lëtzebuerg“ duerstellen.

Ech,

	Responsabel 1	Responsabel 2
Numm a Virnumm		
Matricule(n)		
Wunnsätz zu:		
als (Papp/Mamm/Tuteur/aneres)		

(am Follgenden „de/d’gesetzlech\*e Verrieder\*in genannt)

vum (Numm, Virnumm vum/vun der Kandidat\*in)

---

(am Follgenden „de/d’ Passagéier\*in“ genannt,)

erklären, fir all Zwecker, datt ech seng Kandidatur um Concours „Astronaut\*in fir een Dag“, dee vun der Luxembourg Space Agency organiséiert gëtt, autoriséieren, an, am Fall wou hien/hatt ausgewielt gëtt, datt ech him autoriséieren, bei der Parabelfluch-Campagne matzemaachen, di den 28. September 2023 u Bord vum Airbus A310 ZERO-G (operéiert vun Novespace), no de vu mir akzeptéierte Bedéngunge vu follgenden Informatiounen a Konditioune, stattfënnt:

## Risiken an der Loftfahrt

De/D’gesetzlech\*e Verrieder\*in vum/vun der Passagéier\*in gëtt doriwwer informéiert, datt d’Flich, betreffend d’Konditioune fir d’Benotzung vun ziville Fligieren an der allgemenger Loftfahrt, wéi am Kapitel 1 vum franséischen Dekret vum 24. Juli 1991 definéiert klasséiert sinn. De Fluch

representéiert keng ëffentlech Lofttransportaktivitéit am Sënn vum franséischen ziville Loftfaartgesetz.

De Fliger huet eng temporär Fluchlizenz, déi vun der Direction Générale de l'Aviation Civile (DGAC) ausgestellt gouf. Dës Lizenz ass eng aner wéi de certificat de navigabilité standard (CofA), dee fir ëffentlech Transportfligere ausgestellt gëtt. De/D'gesetzlech\*e Verrieder\*in vum/vun der Passagéier\*in akzeptéiert d'Tatsaach, datt de Fluch de spezifesche Viraussetzung vum de Reglementer vun der „Aviation générale“ an net de Sécherheetsnormen fir den ëffentlechen Lofttransport entsprécht. Deementspreechend hält de/d'gesetzlech\*e Verrieder\*in vum/vun der Passagéier\*in zur Kenntnis, datt de Qualifikationsprozess fir den A310 ZERO-G net sou ausféierlech war wéi d'Zertifizierung vun den ëffentlechen Transportfligere, an datt et zousätzlech Risiko ginn am Kontext vun den Aktivitéiten am Testgebitt, déi ausserdeem erhéicht ginn duerch d'Schwieregkeet d'Bewegungen ënnert dem Afloss vun der Mikrogravitatioun an engem feelenden automatesche Sauerstoffsystem am Testgebitt ze kontrolléieren.

D'Participatioun un esou engem Fluch kann d'Garantie vu perséinlechen oder professionnelle Prêten oder Versécherungen ongëlteg maachen (Versécherung vun Objeten, am Stierffall oder bei Behënnerungen, ...).

De/D'gesetzlech\*e Verrieder\*in vum/vun der Passagéier\*in hält heimat d'Empfehlung zur Kenntnis, seng/hir Versécherungspolice op Klauselen ze iwwerpréiwen, déi am Fall vun der Participatioun un engem Fluch u Bord vun engem Fliger ouni certificat de navigabilité standard ongëlteg sinn. De/D'gesetzlech\*e Verrieder\*in vum/vun der Passagéier\*in ass sech bewusst, datt si/hien an dësem Fall net vun dësen Assurancë profitéiert.

De/D'gesetzlech\*e Verrieder\*in vum/vun der Passagéier\*in an de/d'Passagéier\*in stëmmen zou, datt de/d'Passagéier\*in zu all Moment d'Fluchreglementer respektéiert an d'Instruktiounen vun der Crew befollegt.

### **Administratioun vu Medikamenter**

De/D'gesetzlech\*e Verrieder\*in vum/vun der Passagéier\*in autoriséiert d'Organisateuren, virum Parabelfluch antiemetesch Medikamenter ze verofräichen.

### **Bildrechter**

De/D'gesetzlech\*e Verrieder\*in vum/vun der Passagéier\*in autoriséiert d'Luxembourg Space Agency an Novespace de/d'Passagéier\*in op der Plaz vum Evenement an am Fliger ze fotograféieren an/oder ze filmen, an dës Biller vum/vun der Passagéier\*in fir Promotiouns- a Kommunikatiounszwecker ze benotzen. De/D'gesetzlech\*e Verrieder\*in vum/vun der Passagéier\*in ass net autoriséiert, Fotoen oder Filmer ze verkafen oder fir kommerziell oder Reklamzwecker ze benotzen, déi op der Plaz vun der Campagne oder u Bord vum Fliger gemaach goufen.

### **Covid-19-Mesuren**

Wann noutwendeg, kann de/d'Passagéier\*in oder den/déi gesetzlech\*e Verrieder\*in vun Novespace opgefuerdert ginn, entweeder d'Resultat vun engem negative PCR-Test virzeweisen, dee manner wéi 48 Stonnen virun der Arrivéé op der Plaz gemaach ginn ass, oder en negativen Antigen-Test, dee manner wéi 24 Stonne virun der Arrivéé um Site gemaach ginn ass.

De/D'Passagéier\*in muss sech bewusst sinn, datt dësen Test eng zousätzlech Schutzmoosnam ass an op kee Fall d'Noutwendegkeet vun de Gestes Barrières, der physescher Distanzéierung an dem Droe vun enger Mask ausschléisst, egal ob um Site vun der Campagne oder am Logement.

De/D'Passagéier\*in verflucht sech derzou, déi zu deem Zäitpunkt aktuell Empfeelunge bezüglech Covid-19 ze befollegen, virun allem déi physesch Distanzéierung an d'Gestes Barrières, souwéi spezifesch Empfeelunge vun Novespace, déi während der Campagne opgestallt kënnen ginn. Virun allem muss een eng chirurgesch Mask, déi vun Novespace bereetgestallt gëtt, u Bord vum Fliger benotzen. Aus dësem Grond dierf ee Gedrécks an lessen just dobaussen zou sech huelen.

De/D'gesetzlech\*e Verrieder\*in vum/vun der Passagéier\*in verflucht sech, all Dag virun der Arrivéé um Site d'Temperatur vum/vun der Passagéier\*in ze kontrolléieren. Wann ee Covid-19-Symptomer opweist oder wann een ee „Risikokontakt“ vun enger Persoun ass, déi positiv op Covid-19 getest gouf, muss een en Dokter consultéieren an duerno engem\*r Novespace-Verrieder\*in Bescheid soen.

De/D'gesetzlech\*e Verrieder\*in vum/vun der Passagéier\*in ass averstanen, virun all Fluch eng Erklärung ze ënnerschreiw, datt de/d'Passagéier\*in keng Covid-19-Symptomer opweist, an datt hien/hatt net wëssentlech e „Risikokontakt“ vun enger Persoun ass, déi positiv op Covid-19 getest ginn ass. Passagéier\*innen, déi Covid-19-Symptomer opweisen oder déi ee „Risikokontakt“ duerstellen, gi jee no Fall vum medezinesche Personal vun Novespace behandelt.

Passagéier\*innen, déi an de 15 Deeg virun hirer geplangter Arrivéé um Site positiv op Covid getest ginn, dierfe während der Novespace-Fluchcampagne net u Bord goen. Leit, déi ee „Risikokontakt“ duerstellen, müssen d'Reegele vun de Gesondheetsautoritéiten zum Moment vum Kontakt befollegen.

Kuerz virum Fluchdatum gi präventiv Moosnamen am Zesammenhang mat Covid-19 an Zesummenaarbecht mat Novespace an den zoustännege Gesondheetsautoritéiten ausgeschafft.

### **Perséinlech Donnéeën**

D'perséinlech Donnéeën, déi bei der Aschreiwung vun der Initiativ Astronaut\*in fir een Dag – Lëtzebuerg vun der Luxembourg Space Agency Foundation gesammelt ginn, ginn nëmme benotzt, fir Informatiounen iwwer dëst Evenement souwéi iwwer domat verbonne Initiativen ze verschécken a ginn ausschliisslech mat Partner\*inne gedeelt, déi an dëser Initiativ involvéiert sinn, sief dat Institutiounen oder Individuen. Wann Dir d'Veaarbechtung vun Ären Donnéeën op en Telefons- oder E-Mail-Kontakt limitéiere wëllt, oder ee vun den uewe genannten Donnéeën läsche wëllt, kënn Dir dat maachen, andeems Dir eng E-Mail op [info@astronautforaday.lu](mailto:info@astronautforaday.lu) schéckt. D'Zoustëmmung fir d'Veaarbechtung vu perséinlechen Donnéeën kënn Dir zu all Moment zrëckzéien. An dësem Sënn kann all Interesséierten eng schrëftlech Ufro un d'E-Mailadress [info@astronautforaday.lu](mailto:info@astronautforaday.lu) schécken, fir säi Recht auszeüben, Zougang zu sengen Donnéeën ze kréien, se ze rektifizéieren, ze widderrufen, ze läschen, ze limitéieren oder ze iwwerdroen.

De/D'gesetzlech\*e Verrieder\*in vum/vun der Passagéier\*in ass averstanen, datt Novespace am

Kader vun der Organisatioun vum Parabelfluch d'perséinlech Donnéeën an Dokumenter vum/vun der Passagéier\*in mat de Fluchhafenautoritéiten an der Medical University of Caen entspriechend der General Data Protection Regulation (EU 2016/679) sammelt an deelt. De/D'gesetzlech\*e Verrieder\*in vum/vun der Passagéier\*in hëlt Kenntnis dovun, datt d'Donnéeën, wann néideg, fir e Minimum vu 15 Joer gespäichert kënnen ginn (entspriechend de franséische Gesetzer bezüglech medezineschen Informatiounen). De/D'gesetzlech\*e Verrieder\*in vum/vun der Passagéier\*in hëlt Kenntnis dovun, datt hie via [contact2@novespace.fr](mailto:contact2@novespace.fr) all Informatiounen iwwer seng perséinlech Donnéeën, déi vun Novespace gespäichert goufen, d'Modifikatioun vun dësen Donnéeën, wa se feelerhaft sinn, oder d'Läsche vun den Donnéeën ufroe kann.

De/D'gesetzlech\*e Verrieder\*in vum/vun der Passagéier\*in ass averstanen, datt d'medezinesch Donnéeën am Zesammenhang mat de Covid-19-Moosname vum medezinesche Personal vun Novespace vertraulich behandelt ginn, fir ee Mount no Enn vun der Campagne gespäichert an duerno gelöscht ginn.

### **Sportlech Aktivitéiten**

Et gehéiert zum Concours dozou, datt d'Kandidaten / Kandidatinnen sportlech Aktivitéite maache mussen. De/D'gesetzlech\*e Verrieder\*in vum/vun der Passagéier\*in si sech bewusst, datt dobäi de Risk vu Verletzunge besteet an acceptéieren dee Risk.

Datum (DD/MM/JJJJ) :

Ënnerschrëft: